


Bd. N° 91.



D'ARTISTE VU JUXDA

Operett an drei Akten

vum

JOSEPH SEVENIG

Musék vum Gustav KAHNT

All Rechter virbehalten.


Zwèt Oplo.



Letzebûrg - 1924.

Egentom vum Jos. SEVENIG.

Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens.



D'Artiste vu Juxda

Operett an drei Akten

vum

Joseph SEVENIG

Musék vum Gustav KAHNT

All Rechter virbehalten.

Zwèt Oplo.



Letzebûrg - 1924.

Egentom vum Jos. SEVENIG.

Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS.



D'Perso'nen:

- | | |
|---|------------|
| 1. De Ferd, Chef de Gare zu Juxda (60 Johr al) | I. Bass. |
| 2. Den Toni, Portier op der Gare | II. Tenor. |
| 3. Do'chdeckesch Heng, Prabele'sflécker . . | Baryton. |
| 4. De Plümier Alfred, Journalist an Dichter. | I. Bass. |
| 5. De Po'fank Zimi, Dirigent vun der „Nuochte-gailchen“ | I. Tenor. |
| 6. De Plafong, e Modeleurmészter | Bass. |
| 7. De Charbong, dem Plafong sein Neveu a Gesell | I. Tenor. |
| 8. Vítze Pir, e Wirt vu Juxda | II. Bass. |
| 9. De Traux,*) Sekretär vun der Eisebunns-Direktio'n | |
| De Gesank, (Männer, Jongen a Médercher),
e puor Gesellen | |

D'Stéck spillt am 20. Johrhonnert zu Juxda.

Den 1. Akt am Wartesall vun der aler Gare, den 2. am Plafong séngem Atelier, den 3. an der Hall vun der neier Gare.

D'Gesanknummern:

- | | |
|---|--------------------------------------|
| 1. D'Lidd vum Zug | Duett. |
| 2. Den Artistestreid. <i>Cho'er mat Solo, Duett an Terzett.</i> | |
| 3. D'Modeleurslidd. | <i>Cho'er mat Solo.</i> |
| 4. D'Lidd vun der Konscht | Terzett. |
| 5. D'Prabele'slidd | <i>Solo mat Cho'er.</i> |
| 6. D'Verke'erslidd | <i>Solo mat Cho'er.</i> |
| 7. De Sänger hirt Opröttlidd | <i>Cho'er.</i> |
| 8. Der „Nuochtegailchen“
hire Gro'ss | <i>Cho'er mat Solo an Duett.</i> |
| 9. Resignatio'n | <i>Schlosscho'er mat Duebelsolo.</i> |

*) Auszespriéchen: Tro.





I. Akt.

Am ale Wartesall zu Juxda. Am Fong eng Dir, de' op
de Perrong fe'ert, an eng Dir rechts. An der Mött stèt en
Dösch, rond em de Sall sti Bänken, un de Wänn henke
Biller a Fahrplän. — 'T brennt eng Lücht an der Mött.

1. Zén.

Den Toni, spe'der och *de Ferd*.

Den Toni séngt eleng:

Nr. 1. — D'Lidd vum Zug.

1.

Wann ech ganz eleng am Wanter
Op an of gung an der Nuocht
Op dem Quai mat ménger Lanter,
Hun ech dacks dât hei geduocht:
'T kann è bal den Zug vergleichen
Mat dem Liéwen op der Welt,
Mat de Leid, de' jon a keichen
Döss fir d'E'er, de' fir d'Geld.

(Während dem Lidd ass *de Ferd* erakommen. E schwenkt
en Telegramm an e Bre'f an der Hand a séngt de Rescht
mat.) *Duett*:

Mais de' luos ginn an de' joen
Kommen alleguor do un
Wo' en Enn huot d'Jon an d'Goen,
Wo' mer alleguor zevill nach hun.

2.

Den Toni eleng:

Arbichtsleid a Leid vu Le'er
Sin am Zug sche' beiennèn,
Pâffefrösser a Paschte'er,

Kanner mat de Strampelbèn.
 D'Frae klon, si könnten d'Râchen
 D'Männer d'Kreischen net verdrön.
 D'Bo'we son dann an se lâchen:
 Mais da musst der aus wuol gon.

Duet:

Doraus kann dât hei è le'ren:
 Wè mam Zug wöllt viru gon,
 Wè wöllt mat de Leid verke'ren,
 Muss sech mat de Leid verdrön.

De Ferd (klappt dem Toni op d'Schöller): Du bass haut
 gudd opgeluogt, Toni.

Den Toni: Hallef an hallef, Hèr Chef.

De Ferd: Zwè Halwer ma jo e Ganzt, Toni. Also könne mer
 son, ganz gudd. — (E lét d'Schröften op den Dösch.)
 Hei ass eppes Neies, dät mécht der Frèd. En Telegramm
 an e Bre'f. An allzwè, — vum? Rod emol.

Den Toni: Dât ass schwe'er.

De Ferd: Hei ass en Telegramm. Den e'schte Sekretär aus
 der Direktio'n gratule'ert, dat ech nu 25 Johr hei sin
 als Chef.

Den Toni: Sét e neischt vu mir? Dat ech elo 25 Johr hei sin
 als Portier.

De Ferd: Dât huot e vergiéss. Da gratule'eren ech der, Toni.

Den Toni: Merci, Hèr Chef. Desgleichen. (Se setzen sech.)

De Ferd: Merci, Toni. — An hei ass Nr. 2. Nach e Bre'f.
 No e puor Mént dann ze'e mer an de' nei Statio'n an.

Den Toni: Do ruffen ech net me' eso' lâng ewe' hei.

De Ferd: Wè wêss?

Den Toni: Ech.

De Ferd: Ba! D'Gebai ass eso' gudd ewe' fèrdeg. Nömmen
 d'Arichtong fiélt nach. Nu schreift d'Direktio'n mer,
 se hätt gèr, wann ech doeriwer Propositio'ne me'ch.

Den Toni: Aha!

De Ferd: No 2 Dég könnt den Hèr de Traux selwer hér,
 fir möndlech mat mir driwer ze schwätzten. Ech hun nun
 dât hei geduocht. An e puor Käpp ass me' we' an engem.

Den Toni: 'T ass demno.

De Ferd: Wât, è sélen an enger Uortschaft fönnt, dât hu mer hei zu Juxda. E puor Artisten, e puor Männer, de' eppes vu Konscht verstinn. Do ass e'schtens den Hèr Po'fank. Den Dirigent vun der «Nuochtegailchen». Dât ass en Artist.

Den Toni: Als Sänger. Dât stömmmt.

De Ferd: Den zwèten, dè mer fir d'Reklame brauchen, dât ass den Hèr Plümier. Dè schreift ewell viraus e sche'nen a längen Artikel an d'Zeidong an hanneno nach èn. Wât sés de nun, Toni?

Den Toni: Neischt.

De Ferd: Neischt?

Den Toni: Guor neischt. Ech denke méngt.

De Ferd: Wât denks de dann?

Den Toni: Ech mengen, de Po'fank an de Plümier wären an hirem Fach Könschtler. Mais!!

De Ferd: Wât huos de do ze maisen? ¹⁾

Den Toni: Mais neischt.

De Ferd: Da söff och ro'eg. — An elo könnt dröttens den Håptmann, de Monsieur Plafong. Dè war lâng am Frankreich. En huot vill gesinn an — als Modeleur ass e wirklech en Artist.

Den Toni: Dèn halen ech gudd.

De Ferd: Also' den Hèr Po'fank, den Hèr Plümier an de Monsieur Plafong, de' drei musse mer hellefen, d'Propositio'nen ze mâchen. Dât ass den Ufank vu méngem Plang. Nun, Toni, sang dei Lidd zu Enn. Ech hellefen der.

D'Lidd vum Zug.

3.

Den Toni eleng:

Op den Zug geseit è kommen
Leid voll Frèd a Leid am Lèd,
Leid, de' Musék man an trommen
An och Leid am Trauerklèd.

¹⁾ Auszespriéchien: mè-en.

Eng ginn traureg aus op d'Griéwer.
 Aner si fro'h Hochzeitsleid.
 De' am Trauer son sech iéwer:
 'T könnt och nach eng besser Zeit.

Dueft:

Könnt dir duofir èn Dâg luowen,
 Well dir glécklech wârt a fro'h,
 Dann dankt hiérzlech dém do uowen
 Wann der uowes gitt zur Ro'h.

De Ferd: Du gings gewöss och gèr zur Ro'h, Toni. Wann et net eso' spe'd wär, da gings de de' drei nach den Owend ruffen, fir gleich ze kommen.

Den Toni: Wann ech iéch eng Pläse'er mache kann, Hèr Chef. Ech wêss wo' se setzen, we'negstens den Hèr Po-fank an den Hèr Plümier. De' sin am Café bei Vitze Pir.

De Ferd: Lauschter. De Pir kann och matkommen. — Du sés, ech könnt net selwer kommen, ech diérft net aus der Gare fortgoen, bis de Schnellzug erdûrch wär.

Den Toni: No enger Ve'erelstonn sin se alleguor hei, Hèr Chef. (Fort no rechts.)

De Ferd (rifft em no): An de Monsieur Plafong net vergiessen! (Fir sech.) 'T ass e brawe Kiérel, dèn Toni. Ech ge'f bal le'wer eng Hand verle'eren, ewe' dè Portier. ('T gött baussen un de Guichet geklappt a geruff: Ass kén hei?)

2. Zén.

De Ferd. — *Do'chdeckesch Heng* könnt vu rechts, e Böntel Prabele'en önnert dem Arem.

Den Heng: Sött derr iren de Chef?

De Ferd: Allerdings. Dè sin ech.

Den Heng: Ech hoan èch direkt oan èrer Kap erkannt.

De Ferd: Wât hätt der da gèr, mei le'we Frönd?

Den Heng: Wât ech géren hätt? Gött mer eng Koart, Hiér Chef, da sö merr zwè quitt, sét de Franzo's.

De Ferd: Wuor fuort der dann?

Den Heng: No Ettelbréck op de Moart.

De Ferd: Wât fir eng Kârt hätt der da gèr? Eng einfach oder . . .

Den Heng: De' böllegst de' der hoat. Well ech hoan d'Souen och nick fir e wè ze wèrfen.

De Ferd: Hät der gèr eng Retour? — Kommt der muor oder iwermuor erem?

Den Heng: Mei le'wen, Hiér Chef. Dât wêss ech nach selwer nick. Dât wêss de Bromèter. Dât henkt ganz voam Wiéder oaf. Gött et gudd, da sönn ech streng erem. Gött et Rén, dann hoan ech vill ze dunn, vleicht fir eng ganz Woch. A proprepos, Hiér Chef! Hoat derr è Bromèter.

De Ferd: Nè, mei le'we Frönd.

Den Heng: Hoat derr emol kè Bromèter, Hiér Chef? Da sollt der emol zu Wolz sönn, dann hätt derr hoarteg ausgeschefft, Hiér Chef. Wann ech kè Bromèter hätt, da wirr mengt Geschäft hoarteg futti. Well op d'Wiéder kann èn sich nick verlossen, sot de Kantonjé voa Broateméch, du waren em d'Pavésteng am Wanter erkâlt.

De Ferd: Wât sitt dir dann ègentlech, mei Frönd?

Den Heng: Wât ech sönn? Ech sönn èn Artist, è Konschtler.

De Ferd: E Konschtler? So'? A wat fir eng Konscht bedreift dir dann?

Den Heng (spânt e Prable' op): Ech sö Prable'sflécker.

De Ferd: Prable'sflécker! Dât ass dach keng Konscht.

Den Heng: So'? — Ass dât keng Konscht? Da fléckt derr emol èn, Hiér Chef. (E mécht de Prable' erem zo'.) Kennt derr d'Prable'sligd?

De Ferd: Nèn.

Den Heng: Ah, dât kennt derr nick. Soll ech èch et emol sangen?

De Ferd: Ech hun elo keng Zeit fir iéch nozelauschteren.

Den Heng: Soll ech èch da soen, Hèr Chef, wât ech elo gedoacht hoan?

De Ferd: Ja.

Den Heng: Der gött jo nick be's! (E klappt dem Ferd op d'Schöller.)

De Ferd: Nèn.

Den Heng: Ech hoan dât hei gedoacht. Fir de Legden eso' eng Koart ze géen, dât ass och nach keng gros's Konscht, doafir brauch èn iéwer och nach kè Kolle'sch gemâcht ze hoan, we' d'Legd dohèm soen.

De Ferd: Dohèm? A vu wo' sitt dir dann ègentlech?

Den Heng: Gebîrteg oder woanhäfteg?

De Ferd: Wunnhäfteg.

Den Heng: Wann dât èch adresse'ert, Hiér Chef, da kann ech èch et soen. Gebîrteg sönn ech voa Broateméch, zwöschent Wolz a Cliérf. An zanter âcht Dég sönn ech woanhäfteg hei zu Juxda. Kuckt, hei woanen ech widdert der Boan. A wöll ech op e Moart goen, no Ettelbréck, no Ölwen, no Dikerich, no Esch oder soss anzwoar, dann hoan ech den Zug op der Noas.

De Ferd: Dât stömmmt.

Den Heng: Kuckt, Hiér Chef. (E klappt dem Ferd op d'Schöller.) Eist Geschäft ass nick me' we' soss, zur Zeit voa méngeom Papp. Mei Papp woar zugleich Prable'sflécker a Kiérefmécher an Döppgege'sser. A wann engt nick gung, da gung dât annert. Hottzedâg! Wât ass d'Döppgege'sserei? Derr verdéngt nick me' genoch fir d'Kuolen ze bezoalen, de' derr verbrennt. An d'Kiérefmécherei! De Kiérefmécher an den Döppgege'sser könne matenèn hêsc̄he goen. An de Prable'sflécker! Hottzedâg muss èn zegleich Handwiérksmann, a Konschtler a Geschäftsmann sönn. Et muss èn nei Woar mâchen, a verkafen an aler repere'eren. Elo beispillsweis ginn ech op de Moart. A proprepos! We'ne' gët mein Zug, Hiér Chef!

De Ferd: Wât fir èn, Hèr e . . . We' hêsc̄ht dir ègentlech?

Den Heng: We' ech hêsc̄hen? Wann dât èch och adresse'ert, Hiér Chef. Ech hêsc̄hen Do'chdecker. Mei Virnoam ass

Hari. Gemenklech son d'Legd Do'chdeckesch Heng. —
A mein Zug

De Ferd: Den Ettelbrécker Zug ass zenter enger halwer
Stonn fort.

Den Heng: Wât sot derr do? (E läft op an of.) Ass mein
Zug fort? A we' kommen ech dann elo no Ettelbréck?
Da kann ech elo sche' worde bis muoren de muorgen.

De Ferd: Allerdings.

Den Heng: Woafir sot derr merr dât dann nick? No je, derr
konnt en och nick me' eremro'fen. (Bausse gött et liéweg.)
Lauschtert emol, do kommen der nach, de' den Zug nick
me' kreien. (E lâcht.)

3. Zén.

De' Vireg. — *Den Toni* könnt mat *dem Plümier*
vu rechts eran.

De Plümier (rifft ewell an der Dir): Hèr Chef! Wât hu
mer dann nach eso' spe'd?

De Ferd: 'T handelt sech em eng wichteg Sâch.

De Plümier: Dât hun ech aus dem Toni sénger wichteger
Minn erausgeliés.

De Ferd: Pardon, Hèr Plümier. Ech wollt den Toni froen,
ob de' aner och kommen, den Hèr Po'fank an de Mon-
sieur Plafong.

Den Toni: An enger Ve'erelstonn sin se alleguor hei. Den
Hèr Vitz och.

De Plümier: De' drei Hèren hun hir Nimm iéwer net ge-
stuol. De Vîtze Pir, dè Be'er a Gréche verzâpt, de Pla-
fong, e Modeleur, — an de Po'fank, ass dat net de
sche'nste Musikantenumm?

Den Heng: Ech kennen och è Musikant, dèn hêschte Tute
Batti. A proprepos! Kennt der d'Prable'sligd?

De Plümier: Nèn.

Den Heng: Soll ech èch et sangen?

Den Toni: Hei, wèn ass dât? Wât huos du hei verluor?
(E wénkt no der Dir.) An nun hûrteg.

Den Heng (stèt luos op): Alt nömmme luos, (zum Publikum) sot de Mann, du ass e mam Jangele' gefuor.

Den Toni (me' hârt): An nun hûrteg, son ech, du ...

Den Heng (niéwent dem Toni): Du?

Den Toni (gestikule'ert): Ah! Du nenns mech *du*?

Den Heng: An *du* nenns *mech* *du*?

Den Toni (verächtlichech): *O*, *du*!

Den Heng (mécht em no): *O*, *du*.

Den Toni: Wat *bass* *du*?

Den Heng: A wât *bass du*? Pass op a mâch mech nick hafteg; soss weisen ech derr emol wât ech sönn.

Den Toni: Dât ging ech iéwer gèr gesinn.

Den Heng: Wann ech fir gudd rose gin ...

De Ferd: Nu ro'eg, allenzwe'n. — Toni, du kenns dè Mann nach net. En ass ele'scht zénter âcht Dég hei.

Den Heng: Ech wèrd kè jarne'eren, dir Hèren, A wann der fandt, dat ech èch jarne'eren, da sot et, ech ginn da mei Pad.

De Ferd: Bleift ro'eg hei, Hèr D'ochdecker.

Den Heng (zum Plümier): Ech wollt hott no Ettelbréck op de Moart goen. Mais we' ech ko'm, du war mein Zug fort. An dohèm ass d'Feier an d'Lûcht aus.

De Ferd: Setzt dir iéch ro'eg a bleift dir hei. (*Den Heng* setzt sech op de Buodem lenks vir op d'Bühn, e spânt e Prable' op a fléckt.) Setzt dir iéch frei op d'Bänk.

Den Heng: Mir Prable'smécher sétzen ömmer op dem Buodem. Do trölle mer nick eso' he' eroaf, wa mer d'Gleichgewîcht emol verle'eren. (E fenkt eng Peif un.)

De Plümier: Also, Hèr Chef. Wât wöllt der ègentlech? Sot et kûrz a gudd.

De Ferd: Ech hätt gèr e gudde Rod vun iéch. We' soll de' gro'ss Hall vun der neier Gare agerîcht gin? De' Fro stellt mer d'Direktio'n, an doerop hun ech an e puor Dég ze entweren.

De Plümier: Aha! Ass dât d'Fro? Also: We' soll de' gro'ss

Hall vun der neier Gare, d' Hall, wo' d' Leid all passe'ren, agerîcht gin?

De Ferd: Dât ass d' Fro.

De Plümier: Op de' Fro hun ech d' Antwort fèrdeg. Ech war jo, we' der wösst, de leschte Summer an der Schweiz. Do hun ech vill Hotellen a Gare gesinn. Do ass d' Arîchtong eso' einfach we' nömmen denkbar: En Dösch an der Mött an e puor Still ronderem. Un de Wänn do gesitt der e lauter Biller a sche' Spréch, mëschten Spréch vu gro'sse Männer a Biller vu sche'ne Landschaften. Dât ass d' Konscht fir d' Vollek. Wuofir? Den Arbichter vun haut ass net me' we' fre'er. Haut liést en séng Zeidong.

Den Heng: En adresse'ert sech fir alles, wât an der Welt vîrgèt, dir Hiéren.

De Plümier: Ganz richteg. — E könnt nun, ir en op d' Arbicht gët oder no Feierowend op d' Gare, wo' en eng Ve'erelstonn wärde muss. Wât mécht en dann?

Den Heng: Da fenkt en emol eng Peif oan.

Den Toni (onwölleg): Do ass stârken Tubâck.

De Ferd: Ro'eg, Toni.

De Plümier: Wât mécht en? Den è fenkt eng Peif un. Ganz richteg.

Den Heng: Den anneren hölt eng Dröpp.

De Plümier: 'T hölt och emol èn eng Dröpp. Dât ass och richteg. — Mais en drötte geseit de' sche' Spréch, e liést se eng e'scht, eng zwët Ke'er, an et bleift eppes dervun, wann och net alles, a sengem Gediéchtnes henken. Ech froen iéch: Ass dât net eng Scho'l fir d' Vollek?

De Ferd: Allerdings. Wât fir Spréch sin da beispillsweis do?

De Plümier: Do gesitt der sche' Sätz iwert d' Vaterland, iwert d' Wössenschaft, de Fortschrött aneso'virun.

De Ferd: Dann denkt iéch emol onse Fall, Hèr Plümier.

De Plümier: Se'er einfach. E'scht Beispill: Do ass e Sproch, dèn der alleguor kennt, è vum Michel Lentz, dè mat Feier a Verstësdemech onst Land besongen huot: (Gro'sse Geste) Mir wölle bleiwe wât mir sin.

Den Toni: Bravo!

Den Heng: An dè Sproch sét eppes. Mei Papp sot ewell ömmer: Kanner, sot en, merr wölle bleiwe wât merr sönn. An doafir go'f ech och Prable'sflécker grad ewe' hèn. A méng Kanner gén d'nemlicht.

De Plümier: Do gesitt der. Dem gebilte Mann séngt dè Sproch dât gro'ssârtegt Lidd vu Freihèt an Onabhängegkèt, dem klenge Mann aus dem Vollek riéd e vun der Hèmecht a vun Elterele'ft. Dât wär also è Sproch, dè beze't sech op d'Hèmecht.

Dann huolt der en zwèten, dèn sech op de Verke'er beze't, beispillsweis op d'Bunn. (Luos.) Ech denken do un den Toni. Dè sét guor neischt.

Den Toni: Ech wösst e Sproch. Dèn hun ech op d'manst dausendmol gehe'ert a gesot. Wann dè passe ge'f.

De Ferd: Da so en, Toni.

Den Heng: Ech son och nawell èn, è voan der Boan.

Den Toni: Abé, lauschtbert: Besser eng Stonn ze fre' ass we' eng Minutt ze spe'd.

De Plümier: Ausgezèchent. Hèr Chef, dir wösst ganz sécher och èn aus èrer lânger Praxis, en drötte sche'ne Sproch.

De Ferd: Wât sot der vun dém hei: E klengt Gehalt op der Eisebunn ass besser ewe' e gro'sse Gewon op der Kèle-bunn.

De Plümier: Gesitt der, eso' eppes wîrkt veredelnd besonnesch op de' jong Leid.

Den Heng: Duorf ech mei Sproch dann och elo soen?

De Ferd: Gewöss.

Den Heng: 'T ass è voan der Boan: Wè gudd schmèrt, dè gudd fîrt. (Se lâchen.) Gefällt dèn èch? Abé, dann ass et gudd. Merr gefällt en och.

4. Zén.

(*De' Vireg. — Po'janks Zimi, e Bröll op der Nuos, a Vîze
Pir komme vu rechts mat nach e puor Leid.*)

De Po'jank (rifft hârt an der Dir): Bravo! E gro'ssârtege Schloss vun engem ârmse'lege Kome'de'.

Alleguor (dûrcherèn): Hei, den Hèr Po'fank!

Nr. 2. — Den Ufank vum Artistestreid.

1.

Alleguor:

De Po'fank könnnt mam Plümier streiden;
E kann dât Maule glad net leiden.
Sét dèn dann engt, da sét hién zwè;
Mais ste'ts de Contraire ganz genâ.

2.

De Plümier, be's an onggehalen,
Le'sst sech vum Po'fank neischt gefalen.
Sét dèn dann zwè, da sét hién engt,
Wann hién och grad de Contraire denkt.

De Ferd (gèt en entgént): Hiérzlech wöllkomm, Hèr Po'fank!
Wöllkomm, Hèr Vîtz! Mir hun op iéch gewârd.

De Po'fank: We' ech gesinn. Fir de Schloss ze mâchen, mais net fir unzefenken.

De Ferd: Hei ass kûrz a gudd wât ech wönschen. D'Direktio'n vun der gro'sser Bunn hätt gèr Propositio'nen fir d'Arîchtong vun der gro'sser Hall, an ech hun iéch nu geruff, fir d'Sâch ze bespriéchen. Duorno dèlen ech der Direktio'n da mat, wât mer gèr hätten.

De Plümier: Ech mengen, d'Direktio'n beweist duordûrch vill Takt.

De Po'fank: Fannt der!

De Ferd: Den Hèr Plümier huot nun e gro'ssârtege Plang entworf, Mer sollen d'Wänn vun der gro'sser Hall mat Biller a sche'ne Spréch bemolen. En e'schte Sproch ass dèn hei: Mir wölle bleiwe wât mir sin.

De Po'fank (lâcht): Dât kann ech guor net agesinn.

Den Heng: Kennt derr d'Prable'sligd?

De Po'jank: Nèn.

Den Heng: Soll ech èch et sangen?

De Ferd: Wârd bis hanneno. — Nun ass et un iéch, Hèr Po'fank. Sot dir och e Sproch.

De Po'jank: Fuort virun. 'T gung jo eso' weid unni mech. Jé, jé, jé! 'T wonnert mech nömmen, Hèr Chef, datt dir iéch net quäsch an de Wé geluogt huot, we' de' e'scht verréckt Iddi vun déne Biller a Spréch ausgesprach ass gin.

De Ferd: A wuofir dann!

De Po'jank (opgeregt): Wuofir? Emol e'schtens, 't liést da gewöss èn de' Spréch. De' Kanner, de' Botterfraen, de' Arbichter, an och de' aner Leid interesse'eren sech da gewöss fir eso' Spréch. A wivill Leid gesinn net ganz gudd, de' können se emol guor net liésen.

Den Toni: An den e'wege Kome'de', fir d'Bo'we vun déne Spréch eweg ze halen.

De Ferd: Hätte mir de Monsieur Plafong hei, dèn hätt sécher nach eng gudd Iddi. (Hârt.) Hèr Vitz, könnt de Monsieur Plafong bal?

De Pîr: Ech ginn e sichen. Ech hat em gesot, ech ke'm ong-gefe'er net hiér. A wann en he'ert, datt ech hei war, da könnt e mengen, ech hätt de Judas gespillt.

De Ferd: 'T méch mer Pläse'er. (De Pir fort.) — Wât fir e Plang hätt dir dann, Hèr Po'fank?

De Plümier: Hè mécht eng ganz musekalesch Arîchtong. E setzt e Mann mat enger Dre'orgel an d'Hall, a wann d'Leid da kommen, da spillt dèn: Muss i denn, muss i denn zum Städtel hinaus.

De Po'jank: Ech hu kè Plang.

De Plümier: Gelt. Schwätzten a weisen ass zwèerlè.

De Po'fank: Mais méng Iddi wâr de' hei: An d'Mött vun der Hall könnt e gro'sse Lüster henken, un d'Wänn e puor Spigelen. An d'Arîchtong ass fèrdeg. Owes wann de Lüster ugefâng ass an de' vill Lûchte blénken an déne Spigelen, dât geseit sech prächteg un.

De Plümier: An am Do? Wât sét eso' e Lüster am Do?
Neischt, guor neischt.

De Po'fank: Glécklecherweis. Wann dèn eso' vill Dommhète schwätze ge'f ewe's du, da le'fen d'Leid alleguor fort.

De Plümier: An de' Spigelen. Wât son de' Spigelen do?

De Po'fank: D'Leid kucken dran an da gesinn se liéweg Biller, bekannt a sche' Gesichter aus der Ge'gend, de' se kennen.

De Plümier: Wât e Räsonnement!

Den Heng: Getuddels! Gebraddels!

De Po'fank: Wât e Räsonnement? Den e'schten, dèn dra kuckt, dât bass du, de Plümier.

De Plümier: Ech?

De Po'fank: Du.

De Plümier: Ech soll dra kucken?

De Po'fank: Du kucks dran.

De Plümier: Mengs de?

De Po'fank: Du kucks den e'schten dran, fir ze gesinn, ob neischt ze kreteze'eren ass.

De Plümier (spréngt op): Ech halen, 't ass bei dir eng Schrauf lass.

De Po'fank: A bei dir zwo'.

De Plümier: Dei ganze Plang ass Ke's.

De Po'fank: An dein ass Brach.

Den Heng (ass mat engem Prabele' zwöschent se gesprongen, fir se ausernèn ze halen): Wât ass dât fir eng Organisatio'n hei, sét de Franzo's! (E gët erem op seng Plätz setzen.)

5. Zén.

(*De' Vireg.* — *De Plafong* könnt mat *Vîtze Pir* eran.)

De Plafong: Ah! Doucement, Messieurs!

De Plümier (zum Heng): Ge'h du emol mat dénger Organisatio'n hèm.

De Plafong: Ass dât fir mir?

Den Heng: Ech hoan eso' vill Recht hei ewe's du.

De Po'fank: An huol dei Prabele' mat.

De Plafong: Wât ass dât fir eng Receptio'n?

De Pir: Lôsst ons erem hèm goen. Hei könne mer am beschte Fall nömmme Kläpp kre'en.

Den Heng: 'T ass nick eso' oareg.

De Ferd: Bleift hei, dir Hèren. — Dât war fir kè vun iéch.

— Huolt iéch Plâtz a lôsst mer e ro'egt Wuord matenè schwätzen.

De Plafong: Dât ass eng aner Riéd. (Se setzen sech, de Ferd an d'Mött, de Plafong rechts, de Pir lénks vum Ferd, de Plümier rechts vum Plafong, de Po'fank lénks vum Pir.)

De Ferd (stèt op): 'T handelt sech em dât hei.

De Plafong: Mâcht kûrz. — Ech wèss à peu près alles, n'est-ce pas, Monsieur Pierre?

De Pir (hält ömmer, wann e lauscht, d'Hand bei d'O'er): Jo, jo. Önnerwé hun ech den Hèr Plafong ewell op de Kullang gesât.

De Plafong (zum Publikum): E mengt op de Courant gesât.

De Ferd (stèt op): Mais dât lescht wösst der iéwer nach net.

De Plafong: An dât wär?

De Ferd: 'T handelt sech em d'Arîchtong vun der neier Gare.

De Plafong: C'est ça.

De Ferd: Nu war è vun dénen Hèren der Mènong, 't soll è sche' Spréch a Biller un de Wànn ubrengen. Den aneren ass fir e gro'sse, sche'ne Lüster mat e puor Spigelen. De Plang vun de Spréch an de Biller mécht dem Autor all E'er an den aneren och.

De Plafong: C'est ça.

De Ferd: Nun hätt ech gèr d'Mènong vun engem drötte Fachmann he'eren, dè mat den zwe' Fe'ss an der Praxis stèt, vum Monsieur Plafong.

De Plafong (stèt op): Messieurs! Dir musst mir verexcuse'ren! Méng Idée wär peut-être pratique; mais ech wèss

net, ob se iéch convene'ert. Ech ass jo vu Professio'n Modeleur an ech hun gele'ert am Frankreich.

Den Heng: Sot emol, Hèr Modist!..

De Plafong: Ech ass kè Modist; ech ass e Modeleur.

Den Heng: Modeleur a Modist, dât wärd woal d'selwicht sönn, op è Bo'staf könnnt et nick oan.

De Plafong: Messieurs, erlåbt mech d'abord eng Question. Wèn vun déne Messieurs huot d'Hall vun der Gare ewell visite'ert?

Alleguor (durchenê): Ech net. — Du?

De Plafong: Kèn? Aha! 'T war nach kèn am Intérieur. Wösst der, wivill Mètres cubes d'Hall huot? Mâcht emol des Multiplikation: $25 \times 20 \times 10$. Dât ass 5000 Mètres cubes.

Den Heng: 5000 Meter Kipp! Dann ass och de' Plätz bausse sécher matgeallt, wo' kèn Dâch drop ass.

De Plafong: Wât höllt èn fir eng Place publique oder eng gro'ss Salle ze garne'eren? Op eng Place publique place'ert èn eng gro'ss Statue. Dann huot d'Place hir Garniture. Wat setzt en an eng gro'ss Kirech? E puor gro'ss Statuen. An d'Kirech ass garne'ert. Duofir, Messieurs, place'ert an de' gro'ss Hall e puor Statuen, dann huot der eng magnifique an e'weg Garniture. Dât ass mein Avis. — Messieurs, wât sot dir dann duorzo'?

Den Heng: Ja. Dât ging mech iéwer och adresse'eren. A proprepos! Hèr Plafonne'erer, kennt der d'Prable'sligd?

De Plafong: Nèn.

Den Heng: Ah, derr kennt et och nick. Soll ech èch et danu emol sangen?

De Plafong: Spe'der, Monsieur Eng.

De Ferd: Wât sot dir zum Hèr Plafong séngem Plang, Hèr Po'fank?

De Po'fank: Dè Plang gefällt mer och net schlecht. Fir 't e'scht, d'Statue sin dauerhaft. An nach eppes. Wè waren de' gro'ss Mëschteren an der Konscht? De' al Griechen a Re'mer. Ech hun iéwer nach keng Biller gesinn, de' vun déne gemôlt go'wen.

Den Heng: Ech och nick.

De Plümier: Falsch. Wât de Po'fank vun de Konschtvölker gesot huot, ass grondfalsch. D'Griechen haten hir gro'ss Moler.

Den Heng: Gro'ss Maulerten hoat der iwerall.

De Plümier: Mais huot dir èmol he'eren, datt d'Griechen an d'Re'mer an hire gro'sse Gebaier, an den Tempelen aneso'virun, Lüstren a Spigelen opgehângen hätten?

Den Heng: Nèn.

De Plümier: Duofir bleiwen ech bei de Biller an de Spréch.
— An, vergiésst dat hei net: Eng sche' Statu ass dach weider neischt ewe' e sche'nt Bild.

Den Heng: Dât engt ass ronn, dât annert platt.

De Plümier: Ob do e Sproch derbei ass oder net, doerop könnit et net un. Wuofir? Setzt d'Statu vum Michel Lentz duor, de' sét vu selwer: Mir wölle bleiwe wât mir sin. Sétzt d'Statu vum Dicks duor, de' sét: Bréngt ons Würmildénger hér, de Letzebürger drénkt e gèr.

De Pir: Wann net zevill Wässer zo'gesat ass.

De Ferd: Bravo! Also Hèr Plümier, wärd dir am Fong och fir dem Monsieur Plafong sei Plang?

De Plümier: Gewöss!

De Ferd: Mir son also eso': Mir propose'eren der Direktion, an der gro'sser Hall e puor ziemlech gro'sswe'negstens Menschegre'sst — Statuen opzestellen. Si dir domat d'accord, Hèr Po'fank?

De Po'fank: D'accord.

De Ferd: Hèr Plümier?

De Plümier: D'accord, Hèr Chef.

Den Heng: Ech hoa woal neischt ze soen; mais ech söniéwer och encore.

De Ferd: Ech denke mir d'Sâch eso': No zwe'n Dég...

De Plafong: No ve'erzeg an âcht Stonnen.

De Ferd: Iwermuor könnit den Hèr de Traux, de Sekretë vun der Bunn, bei ons. Da stelle mir d'Statue provoresch op, fir ze gesinn, we' se sech aushuolen.

A muor gi mer an dem Monsieur Plafong sein Atelier. Do stèt eng ganz Reih vu sche'ne Käpp. Da siche mer dât eraus, wât ons onggefê'er passt. Ech son «ongefê'er», well et handelt sech jo nömmen em eng prove-soresch Opstellong. Sitt der alleguer domat d'accord!

De Plajong: D'accord!

De Po'fank: Ech kommen.

De Plümier: Ech och.

De Pir: An ech och.

Den Heng: An ech nick, well de' Sâch mech neischt oagèt.

Nr. 2 b. — Den Artistestreid.

(E Cho'er mat Solo, Duett an Terzett.)

De Cho'er: Wan dacks d'Artisten sech zerstreiden
A fest op hirer Mènong reiden,
Da mengt èn, 't ge'f zu Haf gelaut,
So' gött gerôst dann a dejaut.

De Ferd: Mais eppes muss all Mensch gefalen,
Dât ass datt sie keng Feindschaft halen;
Sin haut hir Gëschter och geschèd,
Si dèle muor rem Frèd a Lèd.

De Plümier: Wât gi mer nu mam Lüster mâchen?

De Po'fank: Déng Spréch, de' du mech hiérzlech lâchen.

De Plümier: Déng Spigelen hun net lâng gehal.

De Po'fank: Déng Biller go'wen och net al.

De Ferd: Mais ère Plang war guor net schlecht,
De Plafong go'f iéch all zwè recht.

De Po'fank: Déng Spréch, de' hun net lâng gehal.

De Plümier: Déng Biller go'wen och net al.

De Plümier: Dei Lüster huot net lâng gehal.

De Po'fank: Déng Spigele go'wen och net al.

De Cho'er: Wann d'Griech'n an d'Re'mer net e bössen
Gehollef hätten de' zwe'n ze zössen,
Dann hätt de Könchtler hire Streid
Gewöss nach ugehal eng Zeit.

De Rideau.



II. Akt.

Am Plafong séngem Atelier. *) — Rechts a lénks eng Dir. Un de Wänn henken Zirkelen, Rîchtscheiter an aner Sâchen, de' d'Modeleurshandwiérk uginn, we' Plangen, Modellen an eso'virun. — An der Mött stèt e gro'ssen Dösch, un dém d'Gesellen, mat weisse Kiddele beklèdt, schaffen. Op der Seit e Modele'erbock.

1. Zén.

(*De Charbong an nach e puor Gesellen; spe'der och de Plafong.*)

(D'Geselle si mat hirer Arbicht beschäftegt. Den è kniéd Lèm am Eck, en anere spachtelt un enger aler Figur, en drötte schappt op dem Dösch e Gipsblock af an eso'virun. So'bal we' de Rideau opgët, da sangen se:)

Nr. 3. — D'Modeleurslidd.

Zesummen: De Refrain:

Mir kniéden am Gips an am Lèm,
Mir schnötzen am Holz a mir klappen,
Dobaussen am Schapp an dohèm,
Mir man neischt we' klappen a schappen. Tralala.

1. !

Den e'schte Gesell. — Solo.

Et war e Modeleurgesell,
Dèn hat de' bosseg, domm Mane'er:
E ko'm net aus dem Bettgestell,
Séng Mèschtesch jaut da we' en De'er:

*) Op dem Deckel vun de Musékshefter geseit èn de' verschidde Sâchen aus der Wiérkstâd.

Du Schlofhauf, nun hûrteg eraus,
 Ech schlön der de Biésem op d'He'ssen.
 Mèngs du, du wärs nömmen am Haus,
 Fir z'leien an d'Bro'd anzesche'ssen?

(Bewegong zum Mond.)

Du sot de Modeleurgesell:
 Könnt dir mir d'lésse net vergonnen,
 Da son ech Eddi op der Stell,
 Well ech sinn net un iéch gebonnen.

De Refrain zesummen.

2.

Den e'schte Gesell. — Solo.

De Jong gött sénge Frönnen d'Hand
 A gët dem Mêschter Eddi soen.
 Do stët dem Mêschter sei sche'nt Kand,
 Dât kreischt a sét we' hè wollt goen:
 Ge' we'negstens haut net eweg;
 Ech wöll mech mam Papp nach bespriéchen.
 Ech schaffen da muorges fir dech,
 A wöll mer eng Schmiérchen afbriéchen.
 Dem Jong dem ko'm eng Tre'n an d'A;
 Sein Hiérz fung un em wârm ze schloen.
 En duocht dann: Si ass eng we'scht Fra.
 Mais wârd: Wât soll de Mêschter soen?

De Refrain zesummen.

3.

Den e'schte Gesell ('t e'scht eleng, spe'der och de Plafong.)

So, Papp, denk un de' Zeit, sot d'Kand,
 We's du bei d'Mama 't e'scht ko'ms freien.
 A jo de Jong net fort an d'Land,
 Du kanns em de' Ke'r nach verzeien.

(*De Plafong* könt eran a séngt mat vun: «De Papp wor»
 etc. bis zum Schloss.)

De Papp war e kërgudden Hèr;
 E wollt de Gesell net verdreiwen.
 E sot, 'n hätt e selwer ze gèr,
 Da könnt en als Edem och bleiwen.

De Jong wosst 't e'scht net ob e sollt,
 Vu Gléck nu kreischen oder lâchen.
 Du huot e sech da virgehollt,
 E wollt séng Leid all glécklech mâchen.

De Refrain zesummen.

De Plafong (huot sei bessere Paletot ausgedunn. En ze't nun séng weiss Arbichtsbox iwert de' fârweg an dèt sei weisse Kiddel un. Iwert dem Schwätzen skulpte'rt en un engem Gippskapp, dèn op dem Dösch stët.): Bravo! Dât gefällt mech. — Am Frankreich gött en anere Genre vu Lidder gesongen, och an den Ateliers. Mais mech gefällt dât Schappen a Klappen, dât der elo gesongen huot, am beschten.

De Charbong: Beim Sangen ass dât Schappen a Klappen och gudd a sche'n. Mais bei der Arbicht do gött è vum ville Schappen ziemlech schappeg. A vum ville Klappe ganz lappeg. (Alleguor Beifall.)

De Plafong: Haut göllt et. Iwert eng Stonn (E kuckt op d'Auer), pardon, iwert eng hallef Stonn kre'e mer gro'ss Visite an onsen Atelier.

De Charbong: Gro'ss Visite!

De Plafong: C'est ça! — Raumt elo vif e bösschen op. Pierre, du huol eng Biésem, da kiér de Buodem. Arthur, du schauers all Knäpp un den Diren. Jean (Charbong), du hölls d'Spachtelen an all Handwiérksgeschirr an du botz dât ganz nett. (Alles wuddert a schafft.) Datt onsen Atelier ganz proper gött.

De Charbong: Soss sét d'Visite: Dât ass e schappege Schapp. Sot emol, Mononk, wèn ass dann de' gro'ss Visite?

De Plafong: E lauter Messieurs, de' bekannt ass. De Monsieur Plümier.

Alleguor: Bekannt!

De Plafong: De Monsieur le Chef de Gare.

Alleguor: Bekannt!

De Plafong: Puis, de Monsieur Vitz.

Alleguor: Bekannt!

De Plafong: De Monsieur Po'fank.

Alleguor: Bekannt!

De Charbong: A wo' der Jomer ko'men all de' Juxdaer Artisten op de' Iddi, ons hér besichen ze kommen?

De Plafong: Geschter den Owend hate mir eng Reunio'n an der aler Gare, all de' ech genannt hun an nach de Monsieur Eng.

De Charbong: Den Hèr Do'chdecker?

De Plafong: Oui, de Prable'sflécker.

De Charbong: Onse neie Noper. En ass voa Broateméch.

De Plafong: De' Eren hu gedélibere'ert iwert d'Arichtong vun der gro'sser Hall an der neier Gare. Do go'f ge-resone'ert a gedispute'ert an allerlè Plange gemâcht. A we'neg huot gefélt, dann hun de Monsieur Plümier an de Monsieur Po'fank eng Streid kritt.

De Charbong: A wèn ass da Mëschter gin? Sécher den Hèr Po'fank.

De Plafong: Kèn. E gànz neie Plang go'f geapprouve'ert. Et sollen e puor ziemlech gro'ss Statuen an d'Hall ge-place'ert gin. An iwert dè Projet hu mer ons all d'accord gesât. Haut kommen de' Messieurs bei mir, fir sech ze decide'eren, wât fir Statuen datt . . .

De Charbong: Mir hu jo keng.

De Plafong: Keng fèrdeg. Mir hun iéwer Modellen am Klengen a mir hu Plangen, we' Statuen musse geplace'ert gin. Op de' Mane'er kre'en de' Messieurs exakt Idéen.

De Charbong: A we'ne' sollen de' Statuen opgerîcht gin?

De Plafong: No zwe'n Dég.

De Charbong: No zwe'n Dég? Wo' denken se dann hin?

De Plafong: Jongen, un èr Arbicht! Bei dem Gedispute'ers war geschter den Owend kè räsonnableit Wuord ze schwätzen. Dât mâche mer dann haut. (E kuckt dûrch d'Fenster.) Do hanne könnt ewell de Monsieur Ferd. Et wär mer net le'f, wann haut erem dât Gedispute'ers vu geschter uging. Stömmt elo direkt èrt Lidd un, da komme mer vun Ufank un an eng besser Stömmong.

Alleguor (sangen:)

Nr. 3a. — De Refrain vum Modeleurslidd.

Mir kniéden am Gips an am Lèm,
 Mir schnötzlen am Holz a mir klappen,
 Dobaussen, am Schapp an dohèm.
 Mir man neischt we' klappen a schappen.
 Tralala

2. Zén.

(*De' Vireg.* — Während dem Lidd ass *de Ferd* erakommen.)

De Ferd: E sche'ne Gesank
 Erquéckelt de' Krank.

De Plafong: Hèr Chef, dir wösst jo nömmme vum He'eren,
 wât e Kranken ass. Dir hât an èrem Liéwe jo nach keng
 krank Stonn.

De Ferd: Mais, mei Kapp ass de Muorge krank.

De Plafong: A mein Hiérz.

De Ferd: O'? — Vleicht aus der selwegter Ursâch.

De Plafong: 'T ass me'glech.

De Ferd: De' ganz Nuocht hun ech kèn A zo'gedunn an
 driwer nogeduocht, wât mer aussiche solle fir d'Statuen.
 Dât huot mer de Kappwe'h gemâcht.

De Plafong: A mir d'Hiérzwe'h. Ech hu geschter versprach
 wât ech haut net hale kann.

De Ferd (erschreckt): We'? Wât mengt der?

De Plafong: Mat déne Statuen, Hèr Chef, dât gët net.

De Ferd: 'T ass fir gro ze gin. Wuofir soll dât dann net
 goen? Et muss goen. A wât muss goen, dât gët.

De Plafong: 'T ass onme'glech, absolument impossible.

De Ferd: Mir man et me'glech. — We' sét d'Spréchwuord:
 'T kann è mat guddem Wöllen
 Vill Feier a Wâsser stöllen?

De Plafong: Lauschtert, Monsieur le Chef. Wè liwert iéch

de' Statuen, fir ze place'eren? Reune'ert all Modeleure vum Land zesummen, de' brengen net eng, vill we'neger zwè Statue fir no zwe'n Dég fèrdeg.

De Ferd: 'T handelt sech jo nömmen em Gipsmodellen.

De Plafong: De' brengen ech och net fèrdeg.

De Ferd: Mir bestellen se an engem Geschäft.

De Plafong: De' passen net op d'Plätz. Hir Gre'sst ass net exakt, de passende Süjet ass net fèrdeg. An, lôss mer soen, par Hasard wär alles fèrdeg, da kritt der se nach net zur Zeit hér.

De Ferd: Huot dir da selwer keng Figuren, de' nömmen e bösse passe gingen?

De Plafong (weist an d'Kulissen): Do ass eng ganz Schaf voll Figüres, elauter Figüres classiques. Mais mir können se net fir onsen Zweck profite'eren. Héchstens ginge mir ons ridicule mâchen. Do ass en Cäsar. Mais wât mâche mer an enger Eisebunnshall mat engem Cäsar, dè bal zwèdausend Johr do'd ass?

De Charbong (trött vir): Erlaben de' Hère mir, e Wuord ze schwätzen? Ech wösst e Rod.

De Ferd (paff): Du e Rod? Eso' e Bo'f?

De Charbong (verdross): E Bo'f? Dann ass et gudd.

De Plafong: Nèn. Charbong, schwätz emol. Ech si curieux.

De Charbong: Mais ech braicht Hellef. — Jongen (zu de Gesellen), lâft hûrtog den Hèr Po'fank, den Hèr Plümier an de Vîtze Pir ruffen. Allez!

De Plafong: Allez, follecht a kommt gleich erem. (D'Geselle gi fort.)

De Charbong: Si brauchen net alles viraus ze wössen. — Bei den Turner do hu mer dacks plastesch Pose gemâcht.

De Ferd: Ech kennen dât.

De Charbong: Mir kruten d'Hänn an d'Gesicht e bösse weiss gepuddert an da stonge mer do als Cäsar oder soss eppes. A mir ware Figuren, eso' sche'n an eso'

naturgetrei, we' nach keng besser an engem Atelier gemacht go'wen. Dir Hèren, wann dir zwe' Jonge fönnt, de' d'Statuen duorstelle gingen, da gingt dir sécher als Modeleur beim Hèr Sekretär E'er aléen.

De Plafong: Wât sot der dovun, Monsieur le Chef?

De Ferd: Wât soll ech soen? Ging dât da wîrklech? Do wäre mer jo aus aller Verléenhèt eraus. 'T handelt sech nömmen drem, Leid ze fannen, de' eng hallef Stonn ro'heg stoen an de Mond hale könnten.

De Plafong: Hèr Chef. Ech stellen èn, de Charbong.

De Charbong: Ech si jo nömmen e Bo'f.

De Ferd: Ech ze'en de Bo'f zeréck.

De Plafong: An dir stèllt èn, de Monsieur Toni. Zwè beserer lafe keng am Land op zwè Bèn. Wât sét de Charbong?

De Charbong: Wann ech iéch en Pläse'er ka mâchen, bong!

De Ferd: Mais mam Toni dât gèt net. Grad dè Moment, wo' den Hèr Sekretär mam Zug ükönnt, kann en net op der Gare weichen. — Ech denken un en aneren. Dè wär vleicht gudd. Den Do'chdeckesch Heng.

De Plafong: De Monsieur Eng? Soll dèn hellefen?

De Ferd: En helleft. Duofir bîrgen ech.

De Plafong: Charbong, laf bei de Monsieur Eng. Du séss nömmen, e soll gleich kommen a mei Prable' matbréngan.

De Charbong: Lauschtert, elo kommen d'Jongen erem.

De Plafong: De' Sâch bleift önnert ons ve'er. Kè Po'fank, a kè Plümier a kè Vîtz brauch eppes ze wössen. (De Charbong fort lenks. Rechts kommen d'Gesellen eran.)

E Gesell: Se kommen ewell. Den Hèr Po'fank an de Vîze Pir un der Spötzt.

Alleguor: D'To'nleider.

De Plafong: Wèn ass dât?

De Ferd: D'To'nleider, dât ass Vîze Pir. E kennt keng No't. Den Hèr Po'fank huot virun e puor Wochen an der Ge-sankpro'f gesot, de' nei Mitglieder missten sech e bössen an der To'nleider üben. Du huot de Pir sech jo eng gro'ss

hölze Lèder mâchen an de' a sénger Scheier opstelle
gelöss an doerun huot en sech e puor Woche lâng geübt.
(Se lâchen.)

De Plafong: Se sin ewell vir am Atelier. — Vite, Jongen,
d'Modeleurslidd ugestömmt, soss musse mer der Tò'n-
lèder op d'Nuos lâchen.

Nr. 3a. — De Refrain vum Modeleurslidd.

Mir kniéden am Gips an am Lèm,
Mir schnötzlen am Holz a mir klappen
Dobaussen, am Schapp an dohèm.
Mir man neischt we' klappen a schappen.
Tralala . . .

3. Zén.

(*De' Vireg.* — Während dem Gesank ass *de Po'fank* mat
dem Pir kommen.)

De Po'fank: 'T soll è soen, hei wär kèn Atelier, kè Schapp,
we' d'Jonge gemenklech soen, Dât ass jo en Tempel vun
der Konscht, wo' zugleich de Modelage an de Gesank
gepflegt gött. Huot der ewell eppes ausgesicht, dir
Hèren?

De Ferd: Mir sin am Gâng.

De Po'fank: Dât ass è sche'ne Kapp, dèn do stèt. Wèn ass
dât?

De Plafong: Dât ass de Christophe Colomb.

De Po'fank: De Christoph Columbus, dèn Amerika entdeckt
huot?

De Pir (hârt); Wat e Wiésen ass dât mat dém Columbus.
All Efalt fönnt jo op enger Landkârt Amerika.

De Po'fank: Fre'er war et iéwer net drop.

De Pir (hârt): Da waren d'Kârte net richteg. D'Amerikaner
hun ons jo fonnt, Wuofir soll dât dann eso' eng gro'ss
Konscht sinn fir Amerika ze fannen?

De Po'fank: An dèn do?

De Plafong: Dir kennt dèn net? — Dât ass de Grof Sigfroi.

De Po'fank: De Siegfried. Dât war den e'schte Grof vu Letzebürg. Dém séng Fra go'f bekanntlech — so' stèt an der So — an e Fösch verwandelt.

De Pir (hârt): Huot seng Fra mat Fösch gehandelt? Wo'?

De Po'fank: Onggef'e'er om Föschmârt zu Letzebürg. An dèn do?

De Plafong: Dir kennt dèn och net? Dât ass Jean l'Aveugle.

De Po'fank: De blanne Jang. Vun dém ass d'Schuoberméss agesat gin.

De Pir: Hahaha! Ass dèn op der Schoberméss agesat gin? So'? Wât hat en da gemâcht?

De Po'fank: E war fir 't e'scht hallef a spe'der ganz blann.

De Pir: Da wèrt e wuol an e Parzeleinsbuték getrollt sin.

De Po'fank: 'T ass me'glech.

4. Zén.

(*De' Viræg.* — *De Charbong* könnt mam *Heng* a mam *Plümier.*)

De Charbong: Elo bréngen ech der nawell zwe' mat.

De Plafong: Ganz gudd.

Den Heng (weist dem Plafong de Prable'): Hei ass en. Derr hätt mech nick brauchen ze ro'fen. Ech war ewell op dem Wé.

De Plümier: Ech war och om Wé. Ech hu mer d'Hall nach vu bannen ugekuckt an du hun ech fonnt, dat Statue ganz gudd do stinn.

De Plafong: Gesitt der, Messieurs!

De Plümier: Ech hu mer och de Styl¹⁾ vun dém neie Bau ugekuckt.

Den Heng: Jo, ech hoan och e ganz neie Still an de Prable' gemâcht.

De Plümier: Nun hêscbt et uocht gin, datt d'Statuen op de Styl passen.

Den Heng: An e neie Gröff.

¹⁾ Auszespriéchen Schtyll.

De Plümier: Mais ech fèrten, wann alles zesumme passe soll, d'Arichtong an de Bau, dât gött eng deier Geschicht, dât kascht Geld.

Den Heng: De Still mam Gröff, dât kascht zwe' Frang. Ass dât zevill?

De Plafong (hölt de Prabele' a bezuolt): Kè Sou zevill. Hält en och?

Den Heng: Bis datt en erem brécht.

De Ferd: Erlâbt mer nach e Wuord, ir ech op den Zug lafen. De Styl ass se'er wichteg.

Den Heng: D'Hâptsâch.

De Ferd: Mais me' wichteg ass d'Wiél vum Süjet.

De Po'fank: Unni Zweiwel.

De Ferd: Doeriwer hun ech vill nogeduocht an ech wöll iéch dât hei virschloen. Als Süjet huolt der zwè Biller vum Verke'er: Eng Statu vum Weltverke'er an eng vum Zugverke'er.

De Plafong: Très bien!

De Ferd: Könnt dir dât mâchen, Hèr Plafong!

De Plafong: Parfaitement, Monsieur le Chef.

De Ferd: Also dât hei wär ausgemâcht: Fir iwermuor de Mötteg, wann de Schnellzug passe'ert — en hält ausnahmsweiss hei, well den Hèr Sekretär aussteigt — da stinn de' zwo' Statuen op hirer Plâz. Mei Wonsch wär den hei: Mir hun all zesumme geschafft, da komme mer iwermuor och all zesumme fir de' gro'ss Geléenhèt.

De Plümier: Wär eng kleng Surprise erlâbt, Hèr Chef?

De Ferd: Wuofir net?

De Plümier (zum Publikum): Da man ech e klengt Gedicht.

De Ferd (lâcht): E Gedicht? Iéwer kûrz, kûrz! Net me' we' honnert Wiérder.

De Plümier: Ongefe'er honnert Wiérder, — an net me'.

De Po'fank: Wär mir och eng erlâbt?

De Ferd: Mais gewöss.

De Po'fank (zum Públikum): Ech komme mat der «Nuochte-gailchen» e Stéck sangen, wât fir de' Geléenhèt passt. Well de Gesank...

Den Heng: Wann der neischt dergént hoat, da gén ech dem Hèr e neie Prabele'.

De Ferd: Bravo! Au Revoir. (Fort.)

Alleguor: Au revoir!

Den Heng: An ech sangen em méngt Ligd.

De Po'fank: E sche'ne Gesank

Erquéckelt de' Krank, sét den Hèr Chef.

De Po'fank, de Plümier, de Plafong an de Charbong sangen.

Nr. 4. — D'Lidd vun der Konscht. — Terzett.

1.

De Po'fank eleng:

Den Herrgott huot mat dem Gesank
De Menschen d'Frèd an d'Hiérz geluogt.
Si sollten duofir him zum Dank
Sche' Lidder sangen Dâg an Nuocht.

De Po'fank an de Plafong:

Wât ass eng Auer unni Zèren,
A wât den Himmel unni Stèren.

De Po'fank, de Plümier, de Plafong an de Charbong:

Wât ass eng Auer unni Zèren,
A wât den Himmel unni Stèren,
Dât sin all Menschen unni Lidder,
D'Leid, dénen d'Sangen ass zewidder.

2.

De Plümier eleng:

Eng aner Gof ass d'menschlech Riéd;
Si as der Se'l hîrt èrdegst Kand,
De' hèlegst Konscht, wann am Gebiéed
De Mensch dem Herrgott rècht séng Hand.

De Plümier an de Plafong:

So' fest we' d'Haus, an dém mer wunnen,
So' stârk we' Stol an Eisendunnen.

De Po'jank, de Plümier, de Plafong an de Charbong:

So' fest we' d'Haus, an dém mer wunnen,
 So' stârk we' Stol an Eisendunnen,
 We' d'Fiélsen, de' ons Diérfer droen,
 Muss d'Männerwuord sin, dât mer soen.

(*De Po'jank an de Plümier ginn dem Plafong d'Hand a gi fort.*)

De Po'jank: Au revoir, Monsieur Plafong!

De Plümier: Au revoir, Monsieur Plafong!

De Plafong: Au revoir, Messieurs. (Zum Heng.) Elo schwätze mir zwe'n emol e verstännegt Wuord matenèn. An enger wichteger Sâch. No zwe'n Dég gin zwo' Figüres a Gips, dât hêschte zwè Männer als Figüres an der neier Hall place'ert fir ze gesinn we' de' Statües do passen.

Den Heng: Kennt derr d'Prabele'sligd?

De Plafong: Jo.

Den Heng: Soll ech èch et sangen?

De Plafong: Hanneno. — Nu gött uocht. Ere Noper reprä sente'ert eng Statüe, a mer haten d'Idee fir ...

Den Heng: Hoat derr oa mech gedoacht fir 'do ze hellefen?

De Plafong: C'est ça. Dem Monsieur le Chef sei Wonsch wâr et och.

De Charbong: A mein och.

Den Heng: Wât hoan ech dann do ze mâchen?

De Plafong: Rien. Neischt ass we' ro'eg do ze stoen.

Den Heng: Ass dât fir lank?

De Plafong: Fir zwo' Stonnen.

Den Heng: Ech hoan elo eppes gedoacht. Ech sönn alt èn zémlech gedréckte Mann ...

De Plafong: Dât ass keng Schan.

Den Heng: Ganz a goar nick. Voa Schann keng Riéd: We' sét d'Spréchwuord: «Gedréckt ass och geliéft», (zum Publikum) sot d'Fra am Zug, du hat se sech aus Versinn op eng Dosend Eer gesat. Doafir wollt ech froen: Wât bezoalt derr da fir dât Stoen?

De Plafong: Doeriwer gi mer spe'der schon èneg.

Den Heng: Bong!

De Plafong: Dir, Monsieur Eng an de Charbong sitt zwo' Häptfiguren. D'Jonge ginn em iéch ge gruppe'ert. E puor Details muss ech mech nach iwerléen. Mais iwermuor kommt der no dem Dîner ...

Den Heng: No wém? Wèn ass dât?

De Plafong: Dât ass d'lesse fir Mötteg. Da kommt der bei mir, an dann arrange'ere mir alles.

Den Heng: Domat hoan ech Frèd. Wann ech do stinn, da sét nach me' ass we' èn: Hoat è sei Lepchesdâg ewell eso' eppes gesinn? Dè kann och nawell eppes anesch-teres mâchen ewe' Prabele'e flécken.

Soll ech dann elo d'Prabele'slid sangen?

De Plafong: Gewöss, Monsieur Eng. An da gi mer hèm.

Nr. 5. — D'Prabele'slidd.

1.

Den Heng eleng:

Wann d'Rénen oagèt oder d'Schneien,
Da brauch all Mensch sei Prabele'.
Da kommen s'all a lange Reihen
Zum Prabele'smécher spe't a fre'h.
A gët en aus
Bis viroan d'Haus,
Da re'ft de Klos
Em iwert d'Strôss:

Zesummen: (Den Heng spânt de Prabele' op, an se marsche'eren all, den Heng un der Spôtzt, am Gänsemarsch ronderem.)

Wo' ass moi Prabele',
Mein Dâch bei Rén a Schne'?
Nu weis dech net bis dass
E féx a fèrdeg ass.

2.

Den Heng eleng:

Dé Prable' soll èn nick vergêssen,
We' voam Professer gött gesot,

Wann hè voam Te' gung hèm fir zêssen
 Bei d'Fra an d'Kanner an de Stod.
 A könnt en dann
 Zur Dir eran.
 Da rifft si: So,
 Bass du 'well do?

Zesummen (we' uowen):

Huos du dei Prabele'
 Och net vergiéss beim Te'
 A kengem anre sein
 'Geholl am Plätz fir dein?

3.

Den Heng eleng:

Dem Prable' gët et we' de Menschen.
 En élst a flitt dann op eng Seit.
 E gött verstoppt, an d'Leid de' wönschen,
 Dat nömmekèn e me' geseit.
 A spe'der könnt
 En ale Frönd;
 Dè fönnt en do
 A sét dann: O!

Zesummen (we' uowen):

Mei le'we Prabele',
 Mein Dâch bei Rén a Schne'.
 Komm aus dem Eck eraus,
 Du könns erem an d'Haus.

De Rideau.



III. Akt.

D'Önnert vun der gro'sser Hall. Am Fong eng Dir, wo' d'Spiller all aus an aginn. Rechts a lénks vun der Dir stinn zwe' Sockelen, ongefe'er 75 cm. he'ch, derniéwent me' kleng Sockelen vun 30 cm. He'cht. E puor gréng Planzen.

1. Zén.

(*De Plafong, den Heng, de Charbong an d'Gesellen.*)

De Plafong (stèt an der Mött): Bong! — 'T ass ausgemächt, datt zwo' Statue geplace'ert gin: Eng vum Weltverke'er an eng vum Verke'er op der Bunn. De Weltverke'er, dât sitt dir, Monsieur Eng.

Den Heng: Ech?

De Plafong: Mais oui. Dir sitt de Weltverke'er.

Den Heng: Oder d'verke'ert Welt. Wosst derr, wât datt dât ass?

De Plafong: D'verke'ert Welt!

Den Heng: D'verke'ert Welt ass, wann d'Paschte'er an der Kirech de Fraen hir Kanner wénen, a wann d'Fraen de Männer dohèm Prédigten halen. — Wât hoan ech dann elo ze mâchen?

De Plafong: Net vill. Fir 't e'scht dutt der ère Paletot aus.

Den Heng: Soll ech meng Souen da fir 't e'scht eraushuolen? — Dât bringt dir nick férdeg.

De Plafong: O'! Wuofir?

Den Heng: Well keng dra sönn. (En dèt de Paletot aus.)

De Plafong: Elo kritt dir d'Gesicht an d'Hänn gepuddert.
('T geschitt.)

Den Heng: Net! — Dât war engt Rätsel.

De Plafong: Komm hér, Arthur, stell dech op de klenge Stack, rechts vum Monsieur Eng. Du dès dech grad eso' un an da kriss de two' Schlappen an deng recht Hand. (E besuorgt d'Detaile vun der Opstellong während dem Schwätzen an dem Gesank.) Dir forme'ert nun e Groupe.

Den Heng: Aha! — Elo gesinn ech hannert èrt Spill. Dât hoa mer ewell ömmer bei den Turner gemäch. Dât hoa mer blatzeg Blose genannt.

De Plafong: C'est ça, des poses plastiques. Dât ass nun de groupe vum Weltverke'er. Hâlt iéch sche' rîcht, we' ech gesot hun, an denkt un èr wichteg Roll.

Nr. 6. — D'Verke'erslidd. — Solo mat Cho'er.

1.

Den Heng eleng:

Eng Quell vu Gléck ass de Verke'er,
E Schâtz, dè kè bezoalt mat Geld.
Eng Goldgro'f fir vill Legd, de' fre'her
Verlosse lo'e voan der Welt.

Zesummen:

Huolt duofir ère Staf an d'Hand
A gitt a fuort dûrch Stâdt a Land.
A wârt der da ganz weid gefuor,
Da kommt der hèm we' neigebuor.

De Plafong: Nr. 1, de Weltverke'er ass fèrdeg. Elo könnnt Nr. 2, de Bunnverke'er, un d'Reih. Charbong, (En huot ewell viraus sei Paletot ausgedunn, de Pierre och) du place'ers dech op dese Stack. Nu kritt och jidderèn en Helm op de Kapp. De Charbong eng Locomotive an d'Hand, an de Pierre e Lorberkranz. (Während der zwèter Strof kre'en se all zwe'n d'Gesicht an d'Hänn ge-puddert.)

2.

De Charbong eleng:

Dem Zug sei Luof huot sche' gesongen
Am Feierwon de Michel Lentz.
E schâlt nach haut vun allen Zongen
Vu Schenqe bis zur belscher Grënz.

Zesummen:

Huolt duofir och èr Bourse an d'Hand
 A rëst a fuort dûrch Stâdt a Land.
 A wârt der da ganz weid gefuor,
 Da kommt der hèm we' neigebuor.

2. Zén.

(*De' Vireg. — De Ferd trött an.*)

De Ferd: Wât gesinn ech? Do ass jo ewell alles fèrdeg.

De Plafong: Fèrdeg.

De Ferd: Respekt fir iéch alleguor.

De Plafong: Monsieur le Chef. Dir sitt zevill gentil.

Den Heng: Wât hoat derr fir eng Sprôch! Jidderè soll dach
 fir 't e'scht letzebûrgerdeitsch le'eren. Dât hoan ech nach
 ömmer gesot. Mat de Merikaner hate mer de selwegte
 Kame'de'. Hätten se eis Sprôch kannt, da wären se bei
 d'Legd kommen a se hätte gesot: Hei, ech sönn è Meri-
 kaner. Kûrz a gudd. Ech hätt géren dött oder dât. Dann
 hätt jidderèn direkt Beschèd gewosst an (wichteg)
 d'Merikaner selwer hätte vill Chokelat gespôrt, dèn se
 ömmesoss ewè gén hoan.

E Gesell (bei der Fenster): Do hanne könnt den Hèr Plü-
 mier ewell.

Den Heng: Soll dèn Hér, dèn hagd könnt kè Prabele' ze
 flécken hoan?

De Ferd (lâcht): Mais frot en emol.

Den Heng: Do könnt ech alt eng nei Konn beikre'en. Ech
 breicht emol neischt ze soen. Ech ging em nömmen d'Pra-
 ble'sligd sangen. Wât mengs de Charabang?

De Plafong: Pardon, Monsieur Eng, en hêsc̄ht Charbong.

Den Heng: Op è Bo'staf könnt et nick oan. Charabang oder
 Charabong, dât ass Spêck a Schwôrt.

De Charbong: Eso' ass et. Sangt dir, Monsieur Heng. Ech
 lôssen iéch net am Stéch.

De Plajong (zu de Statuen): D'Visite könnnt. Bleift ganz ro'heg stoen ewe' eng Colonne.

De Ferd (luos): Den Hèr Plümier wär am Stann, ganz genä ze kucken. Da gesing en, datt et kè Gips ass an dann — ke'me mer mat der ganzer Blamage an d'Zeidong. Wât soll ech mâchen?

De Plajong: Fenkt gleich un mat em ze despete'eren. Da gött en net so' genä uocht op d'Statüen.

De Ferd: Dät ass eng Iddi. Ech froe no sénger Riéd.

3. Zén.

(*De' Vireg. — De Plümier* könnnt mat *Vîtze Pir.*)

De Ferd (gét op de Plümier lass): Huot der d'Riéd, Hèr Plümier? (E fe'ert de' zwe'n vir op d'Bühn.)

De Plümier (weist e Blâd): Hei ass se, Hèr Chef.

De Ferd: Elo ass mer e Stè vum Hiérz gefallen.

De Plafong: Dèn Discours do huot me' we' honnert Wiérder.

De Ferd: Ech mengen, ech mengen, de' Riéd ass ze lâng.

De Pir (hârt): Wann se gudd ass.

De Plümier: Ze lâng ass se op kè Fall.

De Ferd: Wa mer ziéle ge'wen?

De Plümier: Wann et iéch Pläse'er mécht, dann ziélt.

De Ferd: Ech hun de Kapp net op d'Ziéle stoen.

De Plafong: An ech hun nach allerlè ze arrange'eren. Mais de Monsieur Vîtz, dè me'ch dât gèr. Wât mengt der?

De Pir: Gewöss, dir Hèren, Wât iwert honnert Wiérder gét, dât ass zevill. Dât gött eweg gelôss.

De Ferd (drängt): Dann hûrteg drop lass a geliés. Ech hun nach e puor Minutten, da muss ech fort op den Zug fir den Hèr de Traux afzehuolen.

De Plümier: Mei Gedicht huot drei Dèler. Den e'schten ass eng kûrz Begre'ssong. Den zwète beschreift dös Ge'gend, we' se ausgesinn huot, ir d'Bunn gebaut war. Den drötten ziélt dat Gudd op, wât zénter fofzag Johr durch d'Bunn hei geschitt ass.

De Plafong: Soll de' Poésie net ze lâng sin, Monsieur Plümier.

De Ferd: De Pir ziélt jo. No alle fönnef an zwanzeg Wiérder gött en en Zêchen, a wât iwert honnert Wiérder ass, gött ausgestrach.

De Plafong: Voilà!

De Plümier (stellt sech an d'Mött an deklame'ert):

Hèr Sekretär!

Ons sche' Stâdt Juxda, he'ch begléckt,

Huot ons Artisten hér geschéckt,

An ons de' E'er opgedron

Fir iéch hir hiérzlech Gre'ss ze son.

Hèr Sekretär! De Wöllkomm te'nt . . .

De Pir (schle't bei all 25 Wiérder op eng Pân a rifft d'Zuol): 25.

De Plümier: Wât huot dir?

De Pir: Jo. — 'T sin der elo 25.

De Ferd (drängt): Hèr Plümier, fuort virun.

De Plümier:

Hèr Sekretär! De Wöllkomm te'nt

An d'Hiérzer schlön iéch wârm entge'nt.

Ons Stömme feire, voll vun Dank

Er Gonscht mat Riéden a Gesank.

Dât ass d'Begre'ssong, Huot der eppes döerun auszesetzen, Hèr Chef?

De Ferd: Allerdings. D'Begre'ssong wär ègentlech méng Sâch. Lôsst duofir den e'schten Dèl eweg.

De Plafong: Plutôt. Sot dir, Monsieur le Chef, de' zwe'n e'scht Couplets, well se jo nu fèrdeg gemâcht sin.

De Ferd: Averstanen!

De Plümier: Averstanen!

De Charbong: Bong!

De Plümier: Hèr Vîtz, wât huot dir do ze bongen?

De Pir: Ech hun net gebongt.

De Ferd: Hèr Plümier, fuort dach virun.

De Plümier (deklame'ert weider):

Et liéwen nach e puor al Leid,
De' wössen aus der fre'er Zeit . . .

De Pir (rifft hârt): 50!

De Plümier: Hèr Vîtz, dir mächt mech hafteg.

De Ferd: Hèr Plümier, da fuort dach nömmme virun.

De Charbong: Bong!

De Plümier (be'ss): Hèr Vîtz, wât huot dir erem ze bongen?

De Pir: Ech hun net gebongt.

De Ferd (drängt): Hèr Plümier, da fuort dach nömmme virun, virun.

De Plümier (deklame'ert weider):

Et liéwen nach e puor al Leid,
De' wössen aus der fre'er Zeit
Datt do, wo' haut d'Stadt Juxda stèt,
Guor neischt we' Bösch war, Wies a Wèd.
'T stung nömmen önnen an dem Dall
En aremt Haus beim Wässerfall . . .

De Pir (rifft): 75!

De Plümier (ganz be'ss): Hèr Vîtz, sitt dach emol ro'heg mat èrem 75.

De Pir: Nach 25, da sin et der 100.

De Ferd: Fuort dach nömmme virun. Virun! Ech muss fort op d'Gare.

De Plümier (deklame'ert erem weider):

'T stung nömmen önnen an dem Dall
En aremt Haus beim Wässerfall
An eng kleng Millchen, de' eleng
Gemuel huot fir de' kleng Gemeng.

De Ferd: Pardon, Hèr Plümier. Wösst der, wèn do an dém klengen Haus gewunnt huot?

De Plümier: Wèn dann?

De Ferd: Dem Toni sei Papp ass an dém Haus gebuor.

De Plümier: So'? — Dât war den zwèten Dèl. Elo könnt de Schloss.

De Ferd (gët ewell bei d'Dir stoen): Iéwer ganz hûrteg,
well ech muss fort.

De Plümier (deklame'ert weider):

Du ko'm de' Zeit, wo' d'Eisebunn
Huot kreiz a quer onst Land dûrchzunn...

De Pir (rifft): 100!

De Plümier (be's): Nèn! 'T war 1850 op 60.

De Charbong: Bong!

De Plümier: Hèr Vitz, dir dutt mech aus der Haut 'fuore
mat èrem Ziélen a mat èrem Gebongs. Elo ass et fir
d'drött oder d've'ert Ke'er.

De Pir: Ech hun iwerhâpt net gebongt.

De Ferd (drängt): Viru, virun, Hèr Plümier. Den Zug ass
gleich do.

De Plümier (deklame'ert weider):

Du ko'm de' Zeit, wo' d'Eisebunn
Huot kreiz a quer onst Land dûrchzunn,
Vum Fiélestiidtche Letzebûrg
Bis Tre'er, Ar'l a Bètebûrg.

De Ferd (önnerbrécht): Hèr Plümier, fuort virun. Ent-
schöllegt mech. Ech hu keng Minutt ze verle'eren. (Fort.)

De Plümier (deklame'ert weider):

D'Bunn ko'm och hér. Zu gleicher Zeit
Vill Geld a Liéwen önnert Leid.
Geschäfter we' Paläst de' hun...

De Pir (rifft): 125!

De Plümier (ass rosen. E geheit d'Riéed op de Buodem a
jeitzt): 125! 125 Efalten, de' stiéchen an èrer Haut.
Hätt der ère Mond gehal, dann hätte mer d'ganz Riéd
ro'heg geliéss a mam Hèr Ferd verbessert. (E räft d'Riéed
erem op.)

De Pir: Er Riéd ass ze lâng. Se huot ewell 25 Wiérder ze-
vill. A wât könnt nach alles?

De Plümier: Wât kennt *dir* dovun? — Neischt.

De Pir: Neischt? — Kennt den Hèr Chef dann och neischt?
An den Hèr Plafong? — 'T war ausgemâcht: 100
Wiérder an net me'. An ausgemâcht ass ausgemâcht.

De Plümier: Op e puor Wiérder me' oder we'neger könnnt et net un.

De Pir: Ah eso'? Könnnt et op e puor Wiérder net un?

De Plümier: Nèn. Guor net.

De Pir: E puor Wiérder hun ewell muoncherèn an de Prisong bruocht. — An ech son iéch dât hei: Ert Gedicht dâcht neischt.

De Plümier? An ère Vitz?

De Pir: Ass nach ömmer besser we' èrt Gedicht. (E gët be's fort. An der Dir.) Dât klengt aremt Haus passt jo guor net an è Gedicht.

De Plümier: An èr Vitzbud nach we'neger.

4. Zén.

(*De' Vireg. — De Po'fank, gleich och d'Sänger.*)

De Po'fank (ste'sst an der Dir op de Pir): Hèr Vitz, wollt dir fortlafen? — Elo grad hu mer no iéch gefrot. Kommt. (E récht em d'Hand.) Kommt eran, dir félft ons nach am Bass.

De Pir (könnnt eran): Iéwer nömmen iéch zu Pläse'er, Hèr Po'fank.

De Po'fank (an der Mött): Hei kommen ons Sänger vun der «Nuochtegailchen».

(D'Sänger kommen zu zwe'n an zwe'n eran, marsche'ere mat Gesank iwert d'Bühn a stellen sech da rechts vun der Dir op. Fir 't e'scht)

De Sopran an den Alt:

De Sopran an den Alt,
De' sangen datt et schâlt
Datt klénkt de Widderhall
Dûrch Bösch a Biérg an Dall. (Gleich derno)

Den Tenor:

Mir Jonge vum Tenor
Mir sangen hell a klor,
We' d'Nuochtegailche séngt
Wann d'Nuotsklack owes pénkt. (Duorno)

De Bass:

De Fong vum Sangen ass
E sche'nen, de'we Bass.
E gleicht dem Bourdon vill
Vum Städter Klackespill.

(De Plümier stèt lénks op der Bühn. E schafft nach ömmer u sénger Riéd.)

De Po'fank: Opgepasst! Den Hèr Sekretär vun der Bunn könnnt haut no Juxda fir ze kucken, we' d'Arichtong vun der neier Hall gemâcht soll gin. Mir hun ègentlech neischt hei ze dunn. Mais mir bedèlegen ons trotzdem fir dem Hèr Chef eng Pläse'er ze mâchen, an och fir datt Juxda e gudden Androck op den Hèr Sekretär mécht.

'T ass ègentlech eng kleng Sürprise. Mais mir müssen ons trotzdem gudd erausze'en. Natîrlech ass onst e'scht Lidd «Der Nuochtegailchen hire Gro'ss».

'T ass keng Zeit ze verle'eren, keng Minutt. Duofir sangt et gleich richteg.

Nr. 8 (I). — **Der Nuochtegailchen hire Gro'ss.** — E Choer.

Mir Sänger vun der Nuochtegailchen,
Mir wöllen iéch eng glécklech Weilchen,
Mir wöllen iéch mam Städgesang
Berèden haut e Glanzempfank.

De Po'fank: Eso' war et gudd. — 'T ass net ne'deg, ons Zeit ze verle'eren, fir de Solo nach ze pro'wen.

Elo könnnt den ègentleche «Wöllkomm» mat ve'er Strofen an dann de' gro'ss Kantate.

De Plümier: O!

De Plafong: Pardon, Monsieur Po'fank. Dât ge'f ze lång.
Dir musst kîrzen af.

De Plümier: Ech hun och vu ménger Riéd de ganzen Ufank eweg gelôss. — Iwrigens misst de Gesang guor net derbei sin. (D'Sänger brommen.)

De Po'fank: An d'Riéden nach vill we'neger. — Wann eppes geännert soll gin, dann ass et besser, d'Riéde gin afgekîrzt ewe' de Gesang.

De Pir: Ganz richteg, Hèr Po'fank.

De Plümier: Ganz falsch, Hèr Vitz. (D'Sänger brommen erem.)

De Po'fank (be's): E Gesankstéck ass e Ganzt we' en Dösch.
z. B.: Schlot dem Dösch emol zwe' Stempelen eweg, wât huot der dann nach?

De Plümier: Eng Riéd ass och e Ganzt. — Iwrigens wât leit dem Sekretär un èrem Geséngs? (D'Sänger brommen.)

De Po'fank: A wât leit em un èrem Geriéds?

De Pir: Ganz richteg, Hèr Po'fank.

De Plümier: Ganz falsch, Hèr Vitz.

De Plafong: Pardon, Messieurs. An enger Minutt sin de' Messieurs hei. Well dir iéch net ènege könnt, woll ech iéch soen, we' et elo gët. Fir 't e'scht e Lidd.

De Po'fank: Selbstverständlech.

De Plafong: Dann d'Discoure vum Monsieur le Chef, vum Monsieur Plümier an ech suppose'eren, da werd de Monsieur le Secrétaire e Wuord riéden. Zum Schloss nach e klengt Lidd.

De Po'fank: Eso' ass et gudd.

De Plafong: Pst, Messieurs. Ech he'eren, se kommen. Monsieur Po'fank, fenkt un.

5. Zén.

(*De' Vireg.* — So'bal we' d'Lidd ugestömmt ass, könnt *de Ferd* mam *de Traux* eran. Den de Traux stellt sech an d'Mött, de Ferd rechts an de Plafong lénks vun em. Lénks op der Bühn stèt de Plümier, d'Riéd an der Hand. De Po'fank dirige'ert de Gesank.)

Nr. 8(II.) Der Nuochtegalchen hire Gro'ss.

E Cho'er mat Solo an Duo.

De Cho'er. — *De Refrain.*

Mir Sänger vun der Nuochtegalchen,
Mir wöllen iéch eng glécklech Weilchen,
Mir wöllen iéch mam Städgesang
Berèden haut e Glanzempfank.

I.

Solo:

Könt muorges fre' de jongen Dâg
 An d'Dälte mat dem Da gezunn,
 Da pöspren d'Blumme mat der Bâch
 Vun haut, a muor am Däg virdrun.

Zwe' Solisten:

An d'Nuochtegailchen schle't dann un:
 «Bonjour, dir Noper, trei a le'f!
 Dir wèrt gewöss neischt duorge'nt hun,
 Wann ech e Liddche sange ge'f.»

De Cho'er. — De Refrain.

II.

Solo:

So'bal we' d'Noricht go'f bekannt.
 Dat dir ons hei besiche ge'ft.
 Du go'f geschafft hei Hand an Hand.
 Fir iéch ze weise Frèd a Le'ft.

Zwe' Solisten:

Haut ruffe mir iéch hiérzlech zo'
 Ons fröndlech Nuochtegailche-Gre'ss.
 Sitt glécklech hei bei ons a fro'h,
 Lâcht vill am Do an nuots drëmt se'ss.

De Ferd (trött vir): Hèr Sekretär!

Ons sche' Stâdt Juxda he'ch begléckt.
 Huot ons Artisten hér geschéckt,
 An ons de' E'er opgedron
 Fir iéch hir hiérzlech Gre'ss ze son.
 Hèr Sekretär! De Wöllkomm te'nt
 An d'Hîerzer schlön iéch wârm entge'nt
 Ons Stömme feire, voll vun Dank
 Er Gonscht mat Riéden a Gesank.

Hèr Sekretär! Mir hu keng Me' gescheit, fir datt èr Rès
 hiren Zweck errêche soll. Dir huot Propositio'ne ge-
 wönscht fir d'önner Arîchtong vun der Hall. Mir hun
 d'Sâch am Fong iwerluogt, méng Frönn an ech, an du
 ko'me mer zu desem Entschloss: Et sollen zwe' sche'
 Marmorstatuen opgestallt gin, eng rechts an eng lénks

vun der Dir. Fir nun ze gesinn, we' se sech aushuole, hu mer vir der Hand zwe' Figure vu Gips opstelle gelöss, vu Gips hei aus der Ge'gend vu Juxda. Spe'der sollen se definitiv vu Marmor gemâcht gin. Wann se iéch gefalen, da lôsse mer se stoen a muor photographe'eren. —Ech gin d'Wuord weider un den Hèr Plümier, (E stellt e vir) Dichter a Journalist.)

De Plümier (trött vir an deklame'ert feierlech):

Et liéwen nach e puor al Leid,
 De' wössen aus der fre'her Zeit,
 Datt do, wo' haut d'Stadt Juxda stèt,
 Guor neischt we' Bösch war, Wies a Wèd.
 'T stung nömmen önnen an dem Dall
 En aremt Haus beim Wässerfall
 An eng kleng Millchen, de' eleng
 Gemuol huot fir de' kleng Gemeng.
 Du ko'm de' Zeit, wo' d'Eisebunn
 Onst Land huot kreiz a quer dûrchzunn
 Vum Fiélestiédche Letzebûrg
 Bis Tre'er, Ar'l a Bètebûrg.
 D'Bunn ko'm och hér. — Zu gleicher Zeit
 Ko'm Geld a Liéwen önnert d'Leid.
 Geschäftter we' Paläst de' hun
 A kürzer Zeit sech opgedunn.
 Et go'we Strôssen iwert Nuocht
 A prächteg Plâtzen ugeluogt,
 E Scho'lpalast gebaut. Et ko'm
 Derbei eng Kirech we' en Do'm.
 Mir könne son: Wât mir hei hun
 Verdanke mir der Eisebunn,
 An èrer Guddhèt, èrer Gonscht.
 Sitt duofir wöllkomm bei der Konscht.

De Traux: Merci, dir Hèren, fir alles, wât ech hei he'eren a gesinn hun.

Merci fir dât sche'nt Empfankslidd.

Merci fir de' sche' Wiérder vum Hèr Chef.

Merci fir dât prächtegt Gedicht.

An zum Schloss meng Gratulatio'n. Eng glécklech Iddi nennen ech dât, datt der iéch fir d'Opstellong vu Mar-

mor-Statuen decide'ert huot. Ausgezéchent war d'Iddi, de' two' Statuen direkt aus Gips auszefe'eren. Wât ech hei gesin, dât ass e'schtens e Beweis, datt dir dichteg Modeleuren hei zu Juxda huot.

De Ferd (stellt de Plafong vir): Dât ass dem Monsieur Plafong sei Wiérk.

De Traux: Monsieur Plafong, ech gratule'eren.

De Plafong: Merci bien, Monsieur.

De Traux: An zwètens, datt dir Geschéck huot, fir èren Iddien de richtegen Ausdrock ze gin. Méng ganz besonner Gratulatio'n dem Hèr Chef, dèn zénter 25 Johr mat ausserordentlecher Trei séng Pflicht erfüllt huot.

Alleguer: Bravo!

De Traux: Hèr Dirigent, we' hëscht dann èren dichtäge Gesank?,

De Po'fank: Nuochtegailchen, Hèr Sekretär.

De Ferd: An den Dirigent ass den Hèr Po'fank.

De Traux: De' Nimm si gudd gewiélt: Nuochtegailchen, d'Primadonna an der Fullewelt! Po'fank, dè mat Sange këmol midd gött!

De Po'fank: Erlâbt den Hèr Sekretär, da sange mer zum Schloss nach eng Kantate, de' extra fir des Geléenhèt kompone'ert gin ass?

De Traux: A vu wém?

De Po'fank: Wann et net onbescheide wär, da ging ech soen: Vum Zimi Po'fank.

De Traux: 'T frèt mech, de Gesank a sein Dirigent nach me' schätzen ze le'eren.

De Po'fank: D'Kantate huot ègentlech two' Partien: De Solo an de Cho'er. — Ech woll iéch opmiérksam mâchen op dât montert Zwöschespill no dem Cho'er. Dât ass no engem Motiv aus engem bekannte Lidd bearbicht.

Nr. 9. Resignatio'n. — Schlosscho'er mat Solo.

De Po'fank eleng:

Jidderengem huot d'Liéwen well dacks eppes bruocht,
Wât è këmol geplangt hat a këmol deduocht.

Du hâss Frönn, op de' huos du gebaut a geziélt.

Hâss de iéwer èn ne'deg, dann huot e gefélt.

De Cho'er. — De Refrain.

Duofir mécht è sei Plang; mais et muss èn sech son:

'T gët net Alles an d'Reih; 't kann 'mol quäsch gon.

Glécklech dèn, dèn sech sét an e reift sech séng Hänn:

Méng Affaire stung dacks schlecht; mais se krut e gudd Enn.

De Po'fank (rifft): Opgepasst. Elo könnt d'Zwöschespill.

De Charbong an den Heng (sange mat ville Gesten):

Wo' ass mei Prabele',

Mein Dâch bei Rén a Schne'?

Nu weis dech net bis dass

E féx a fèrdeg ass.

De Cho'er (lâcht op d'Weis vum Refrain):

Hahaha! Hihih! Hohoho! Huhuh!

De Ferd (verdrösslech): Hèr Sekretär! Elo leie mer am Pech. Mir haten e sche'ne Plang gemâcht, fir iéch ze weisen, we' d'Hall agerîcht soll gin. An nun ass d'ganz Sâch quäsch gângen. Ech biéden iéch tausendmol em Entschöllegong.

De Traux: Bero'hegt iéch. Dir huot èr Sâch gudd gemâcht. Well mer kruten e richtege Begröff vun der Opstellong, we' se geplangt ass. An doeropp ko'm et nömmen un.

Den Heng (trött virun de Sekretär): Hèr Zöttèrkèr! Derr hoat ganz Recht. Se hoan hir Sâch allegoar ganz gudd gemâcht. An derr och. An ech hoan dât hei gesot: Ech sangen dem Hiér mengt Ligd an ech gén em och e neie Prabele'. Hei ass en. (En iwerrêcht de Prabele'). En hoat e ferreme Still, e gemächleche Graff an apârti gudd Do'ch. Wosst derr, Hèr Zöttèrkèr, wât en E'sslicker sét, dât hält en och.

De Traux: Merci, mei Frönd.

Zesummen:



Duofir mécht è sei Plang; mais et muss èn sech son:

'T gët net Alles an d'Reih; 't kann och quäsch eppes gon.

Glécklech dèn, dèn sech sét an e reift sech séng Hänn:

Méng Affaire stung dacks schlecht; mais se krut e gudd Enn.

De Rideau. — Enn.



Verlag P. Worré-Mertens.

Sevenig-Kahnt: De Kommissär könnnt,
2. Oplo.

Sevenig-Kahnt: D'Artiste vu Juxda,
2. Oplo.

Sevenig: D'Madame Dicks.



Verlag M. Hülsemann.

Sevenig-Kahnt: De Pisto'leklub,
3. Oplo.

Sevenig-Kahnt: De Gêsch't an der Bâckstuff,
2. Oplo.

Sevenig-Kahnt: Eng Loftkur op Luksdâg,
2. Oplo.

